

Titel: Dat Sie net nëmmen um Terrain mee och niewent dem Terrain als Equipe optrieden

“Chimie passt einfach tèschent den 2 Comitéen” Gabriel Kratz

Interview mat eisen 2 Trésorieren vum Vinesca Ehnen an White Lion, Henri Becker an Gabriel Kratz.

Den Henri Becker ass säit 1996 am Veräin an huet schonn iwwer 300 Matcher fir 2 an 1 Equipe gespielt.

Am Joer 2013 ass den Henri als Comitésmember an als Secrétaire aktiv, 2017 huet hien dunn den Trésorier s Posten iwwerholl an probéiert den Veräin esou gudd et gëtt a roueg Gewässer ze feieren mat den aneren Comitésmemberen.



Henri Becker



Gabriel Kratz

Den Gabriel Kratz ass als Grënnungsmitglied am Dezember 2020 bei den White Lions als Comitésmitglied an Trésorier aktiv.



Duerch den FLF Projet vun den White Lions, hunn sech Weeër

gekräizt vum F.C. Vinesca Ehnen an vun hinnen. Parallel ass den Gabi och Spiller vum F.C. Vinesca Ehnen. Am Géigesätz zum Henri, steet den Gabi nach am Ufang vun senger Spillerescher Carrière an huet bis lo 6 Asätz bei der éischer Equipe.

1. Gabriel, am Géigesätz zum Henri deen schonn säit 26 Joer am Veräin ass an als Veräinslegend bezeechnen kann ginn, bass du ganz am Ufang vun dësem Wee. Wat kann een vun esou enger Perséinlechkeet am Veräin leieren?

Gabriel: Éischtens kann en mol vill Erfahrung mat op den Wee huelen, wie z.B. Veräin leeden, Veräinstréi an verwalten vun der Veräins këss. Och die Feeler wou Sie gemaach hunn, net méi widderhuelen mee et besser man.

2. Henri, wat kéins du dem Gabriel op den Wee ginn an wat kéins du vum him ofkucken?

Henri: Dat hien senger Aufgab als Trésorier an als Comitésmember mat der selwechter Motivatioun weider nooen soll wei hien dat vun Ufank un gemaach huet.

3. Op wat muss een oppassen wann een Trésorier ass? Do kann een jo net einfach mat den Suen vum Veräin spillen, oder dach?

Henri: Dat een d'Rechnungen an Extrait vun der all der Bank virleien a propper an der Rei no klasséiert sinn. Et ass och wichteg datt een den Iwwerbléck iwwert finanziell Situatioun vum Veräin behält.

Gabriel: Et muss en regelméisseg op den compte. Et kommen ëmmer Suen ran an meeschtens ëmmer raus. All Woch ginn Suen raus fir d'fourniture administrative, Alimentatioun, asw. Dofir muss en ëmmer gut oppassen dat mir net am rouden Beräich stinn.

4. Wat war bis elo är schwéierst Phase am Veräin déi lech geprägt huet am positiven mee och am negativen?

Gabriel: Suen an d'kees ran ze bréngen zemoools wann den Veräin grad gegrënnt ginn ass an vun haut op muer dat ganz verwalten.

Henri: Déi schwierigst Phase déi mir bis elo haten, war d'Saison 2019/20 no där mir keng Equipe méi haten an dunn och keng Equipe vir d'Saison 2020/21 konnten umellen.

“Den Asaz an d'Leeschtung déi d'Equipe um Terrain bréngt, sinn et der wäert Sonndeg ob den Terrain ze kommen an d'Equipe unzefeieren” □ HENRI BECKER

5. Dir setzt wuertwärtlech mam Arsch op den Suen vum Veräin, kennt dir eisen Supporteren soen wat déi nächst Projeten sinn wou dir investéiert? 📧

Henri: Mir sinn amgaangen iwwert deen een oder aneren Projet am Comité ze diskutéieren, mee zu dësem Zäitpunkt kann ech nach keng Detailler zu dësen Projeten ginn.

Gabriel: Mir viséieren am Ufang op d 'Infrastrukturen an dono op Transfert fir die mécht jonk Talent op d Mousel ze bréngen die haalt keng Chance hunn bei enger éischer Équipe sech duerch ze setzen.

6. Henri, dir hatt Equipe ofgemellt 2020, ass et lech schwéier gefall Equipe ofzemellen? Wat waren Beweggrënn?

Henri: Als Veräin fält et engem ni einfach eng Equipe mussen ofzemellen. Mir waren net mat verschidden Fuerderungen déi verschidden Spiller gestallt haten averstanen an hunn déi dunn och net erfüllt. No der Saison 2019/2020 hu mir als Veräin décidéiert gehat, datt mir keng Spiller méi giffen bezuelen.

7. Glécklecherweis gött des Joer erëm aktiv Fussball gespilt "am Gau", sidd dir erëm zefridden? Wou ass den ënnerscheet tëschen dëser Equipe an der Equipe vum Joer 2020?

Henri: Ech sinn méi wéi zefridden dat mir des Saison erëm mat enger Equipe kënnen um Championnat deelhuefen. De groussen Ënnerscheed zu der Equipe vun 2020 ass deen dat Sie net nëmmen um Terrain mee och niewent dem Terrain als Equipe optrieden. Si sinn bereet am Veräin eng Hand mat unzepaken, sief et bei de Matcher oder wann mol aner Aarbechten um Terrain ze maachen sinn.

8. Gabriel, dir schafft am Sënn vun den Jugendlechen, wei zefridden sidd dir iwwer déi zesummen Aarbecht mam Vinesca Ehnen? Wat mëscht den Vinesca Ehnen aneschtens?

Gabriel: D Zesummenaarbecht mam Vinesca Ehnen ass natierlech immenz positiv. Mat hinnen kënnen mir vill leieren wei een en club geréiert, wat fir eis am Ufang net sou einfach wor. Ech fannen ze gutt, natierlech ginn et "des haut et des bas" bei eis an Équipe mee d Chimie passt einfach tëschent den 2 Comitéen an mat sou enger Équipe packen mir et fir eng Barrage Plaz ze kréien.

9. White Lions sinn jo an dem Sënn keen Fussballveräin mee eng ASBL déi sech fir eng faire Chance fir Jugendlecher wënscht an all Form vun Kategorie, op Fussball, Esport asw. Henri wei ass deng Meenung zou den White Lion an hirer Philosophie?

Henri: Dat sech White Lions sech vir eng faire Chance vir d'Jugendlecher asetzt sief et beim Fussball oder an aner Beräicher fannen ech ganz gutt a wann Sie do mat der selwechter Motivatioun wéi déi Sie um Terrain un den Dag leeën, kënnen Sie sou munches bewierken.

10. Wei zefridden sidd dir mam Oflaf vun der Saison?

Gabriel: Ech sinn ganz ze Fridden, et war natierlech ganz schwéier am Ufang vun da Saison mee wei schon gesot, aus näischt kennt näischt an lo viséieren mir Maximum déi 2te Platz

Henri: Mat dem aktuellen Verlaf vun der Saison kann een nëmmen zefridden sinn. Mat enger gudder 5. Plaz an 15 Punkten huet d'Equipe eng gudd Méiglechkeet sech nach vir d'Barragematcher Enn der Saison ze qualifizéieren.

11. Huet d 'Équipe äre Erwaardung bis lo erfëllt?

Gabriel: Joo fir den Moment jo, hoffen et geet sou weider fir déi nächst Saison

Henri: Meng Erwaardungen goufen erfëllt.

12. Wat sinn äre Zieler mam Veräin an der Equipe?

Henri: Laangfristeg ass d'Ziel den Obstieg an 2. Divisioun ze packen a mat dëser Equipe ass dat Ziel och ze erreechen.

Gabriel: Den Opstieg natierlech an puer Joer viséieren mir eng UCL platz ;).

13. Vinesca Ehnen mëscht elo eng Kategorie Esports op an wäert fir éischt kéier an der Orange League deel huelen. Wat erwaart dir vun eisen 2 Spiller? Sidd dir zefridden dat den Veräin nach méi modern gëtt?

Henri: Vu que dat mir des Saison vir d'éischte Kéier un der Orange League deel huelen, ass et schwierig ze wëssen wat een sech kann erwaarden. Ech erwaarden mir mol ob mannst dat déi 2 Spiller déi ons do verrieden e gudd Resultat realiséieren.

14. Kennt dir eisen Supporter an den Fussballbegeeschter Leit erklären wei eng Grënn et ginn fir Sonndes op Ehnen een Match kucken ze kommen?

Henri: Souwuel de Veräin wéi och d'Spiller géinge sech iwwert all Ënnerstëtzung freeën. Den Asaz an d 'Leeschtung déi d'Equipe all Sonndeg um Terrain bréngt sinn et der wäert Sonndeg ob den Terrain ze kommen an d'Equipe unzefeieren.

Gabriel: Also ech kann iech garantéieren mir spillen excellenten Fussball an engem kreisliga Divisioun (Zitat Missioun Grotteskick)

Mir soen lech Merci eisen Trésorien vill moos Merci fir dat flott Gespräch.

Dann gesinn mir eis bei der Buvette vun der Caisse.

Mir stellen lech den Profil vun eistem 2 Trésorier fir, do gesidd dir wat seng Virléiften sinn an iwwer wat hien gudd laachen kann:

Henri Becker:

FOOTBALL_{SEP}

- Mon âge: 35

- **Ma position: défenseur droit**
- **Ma taille: 1,78 m**
- **Mon surnom:**
- **Mes clubs jusqu'à présent: FC Vinesca Ehnen**
- **A Ehnen depuis: 1996**
- **Mon meilleur match jusqu'à présent:**
- **Mon meilleur adversaire:**
- **Ma pire blessure: aucune**
- **Mon idole dans la jeunesse: Oliver Kahn**
- **Mon club préféré: FC Bayern München**
- **Mes objectif sportif: montée en division 2**

PRIVÉ

- **Mon boulot/ma profession: fonctionnaires d'Etat**
- **Mes hobbies en plus du football: aller au cinéma**
- **Ma devise de vie:**
- **Ce dont je peux être heureux:**
- **Qui je voudrais rencontrer: Robert Lewandowski**
- **Où je voudrais vivre: Munich**
- **Ma nourriture préférée: Pizza**
- **Ma boisson préférée: Kloster Andechs**
- **Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Linkin Park**
- **Ma chanson préférée: in the end**
- **Mon acteur/actrice préféré(e): Vin Diesel**
- **Mon film/ma série préféré(e): fast and furious / big bang theory**
- **Ce dont je peux rire: des films avec Bud Spencer et Terence Hill**

Gabriel Kratz:

FOOTBALL

- **Mon âge: 22**
- **Ma position: IV, MD, MC**
- **Ma taille: 1m99**
- **Mon surnom: Gabson, Gabs, Gabi, Kabes, Kongo, Ronny**
- **Mes clubs jusqu'à présent: Hesper, Itzeg 2x, Merl, Ehnen**
- **A Ehnen depuis: 2021**
- **Mon meilleur match jusqu'à présent: Entente Weiler/Itzeg ve progres Niderkorn**
- **Mon meilleur adversaire: Matthieu Dos Santos, Mario Crnicki**
- **Ma pire blessure: Le dos**

- **Mon idole dans la jeunesse: Schweinsteiger**

- **Mon club préféré: FCBayern**

- **Mes objectif sportif: La montée**

PRIVÉ

- **Mon boulot/ma profession: Étudiant**

- **Mes hobbies en plus du football: Videomaker, Design**

- **Ma devise de vie:**

- **Ce dont je peux être heureux: Parcours de vie**

- **Qui je voudrais rencontrer: Mario Götze**

- **Où je voudrais vivre: Seoul**

- **Ma nourriture préférée: Le Riyad Pasta**

- **Ma boisson préférée: RedBull**

- **Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Ninho**

- **Ma chanson préférée: Dieu Merci**

- **Mon acteur/actrice préféré(e): Malik Bentalha**

- **Mon film/ma série préféré(e): Taxi 5, Top Boy**

- **Ce dont je peux rire:**